Manternach, de 5. Oktober 2002

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
07 OCT. 2002
1848

Här Jean Spautz,
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
LETZEBUERG

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesält, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un d'Madame Bautenminister weiderzeleeden:

*"Bei der Realisatioun vum Musee Grand-Duc Jean, am Volleksmond Pei-Musee genannt, spillt eng auslännesch Firma (B.-O.), déi mat der Koordinatioun vun den Aarbechten chargéiert as, eng bedeitend, awer zimmlech staark ëmstridde Roll. An dësem Zesummenhank gélf ech Iech gären dës Froë stellen:*

*1. Wat as déi genee Missioun an d'Responsabilitéit vun dësem Koordinatiounsbüro? Wéi ass e.a. d'Responsabilitéit tëschend Architekten a Koordinatiounsbüro opgedeelt?*

*2. No wat fir enge Kritären as dës Firma ausgewielt gin? As dës Sélectioun am Kader vum Gesetz iwer d'öffentlech Marchéen geschitt?*

*3. Wat sin déi wesentlech Punkten vum Vertrag tëschend dëser Firma an Aerem Ministère? Wéi as d'Fro vun der Rémunératioun geregelt? Sin Délai'en ze respektéiren a si Strofen virgesinn, wann dës Délai'en nët agehale gin?*

*4. Wéivill Leit huet dës Firma fir d'Realisatioun vum "Pei-Musee" engagéiert?*

*5. Wéi as vu Säiten vun Aerem Ministère d'Iwerwaachung vun dëser Firma séchergestallt?"*

Mat déiwem Respekt,

Roby Mehlen, Deputéierten